

Eng KLACK fir eis SPROOCH

Mir sin an enger Zäit vum Jor, wou jidfereé méi nodenkerlech gët, déi ower och am Senn vum Wuurt méi HEMM-lech as. E Méindig oder en Dënschdeg gi mir op d'Griewer an denken un all déi, déi mir gärt haten, deene mir op dës oder déi Manéier e léiwe Merci schéleeg sin. Dat huet nüt onbedéngt mat Nostalgie oder mat konserватiver Astellung ze din, mä ganz einfach mat Mënschlechkeet. Wie sái Liewen op désem Wee mecht, dee fillt a bekäppi déi Wetter och vill méi liicht, op deenen dee Képpche Land steet, dee mir „Heemecht“ nennen . . . wat d'Heemecht as“, dat as natirlech och dat, wat eis Elteren a Grousselteren draus gemaach hun; dat as ower och dat, wat mir selwer draus maachen an eise Kanner a Kandskanner eng Kéier solle gin . . . a stellt Ich emol vir, eis Sprooch wir nüt dobäi! Da gife ganz grousst Stéck vun eisem Heemechts-Gefill nüt existéieren. Schwätz mat Leit, déi jorelaang an der Friemt gelieft a geschafft hun; a frot si, wat si apaart vermesst hun: eis Sprooch as bal émmer dobäi . . . dat mecht och kee frustréieren a blaséierte Provénz-Hinnchen Ich falsch, deem éi zévill gutt hei (um Áis?) geet. Mir sollen all deene Leit merci soen, déi sech mat Läifa Séil an Iwwerzeugung fir eis natirlech Émwtl asetzen; mir hu genee deeselwechte Respekt fir déi Frénn, déi déi materiell an einer Spure vun eiser Vergaangenheit a Geschicht wélen erhalten, oder an der Rei halen . . . dat alles as och e Stéck Heemecht, eng Säit vun eiser Identitéit. Abree, d'Membre vun der ACTIOUN-LËTZEBUERGESCH maachen am Streech vun eiser Sprooch just dëselwecht Aarbecht. Hand op d'Häerz: Sid Dir prett, fir all Mount, e Patt“ fir eis Sprooch ze gin, also 500 Frang d'Jor fir si ze hun? De Postscheck fannst Dir he nnendrún . . . a mir halen Ä Cotisation an Eieren!

Dës Kéier losse mir an eiser KLACK emol Leit zu Wuert kommen, déi als zénter dem Juli eng Maandel „Geknadders“ an aner Saachen erageschéckt hun. Si hun ét beim „Humpen- a Präßbelis- gespréich“ gelooss an de Bic an de Grapp geholl.

Donieft hale mir ower drop, Ich en etlech von deene schéinstens Zeilen iwer dës Zäit vum Jor ze bréngen, déi an eiser Heemechts-Sprooch geschrive gi sin . . . liest se wannechglift lues a fir lech. Si gin déif . . . esou wéi bei villen dës Deeg!

L.R.

Är Gedichter an Texter

Op deer halwer Säit, déi mir all Mount hei fir eis Sprooch kreien, as ét natirlech nüt méiglech, laang Geschichten op Lëtzebuergesch ze bréngen; déi Plaza . . . an dee boren Drot hu mir leider nüt. Mir können Ich ower Är „Sachen“ orthographesch oder sproochlech an d'Rei setzen, fir datt eng Zeitung oder Zäitschrift se unhélt. Eng ganz Rëtsch vun Äre Saache fann Dir am „Almanach/Eis Sprooch 1994“

erém. A propos Gedichter: déi meesch Leit sin nüt als „Dichter“ gebuer, mä et kennen der onheemlech vill flott a flëssege verzielen . . . Firwat et dann nüt schreiwen, weí een ét schwätz? Firwat nüt déi „Geschichten“ emol schreiwen, déi een de Kanner oder „grosse“ Leit verzielt; éischenten bleibt dann eppes dovnun „hänken“ . . . an eis Sprooch huet och eppes dovnun!


ACTION LËTZEBUERGESCH – EIS SPROOCH

Adresse: Bredewee, 21 / L-1917 Lëtzebuerg
Postkëscht 98 / L-2010
Telephon 47 06 12 – Fax 45 83 89
Cotisation/Membér: 500 Frang d'Jor
Postscheck: 6644-48

4

firwat??

- de Gefréierpunkt zénter wéini gefréiert ét bei äis?
- also: Fréierpunkt oder Nullpunkt
- de Steier . . . zueler zénter wéini . . . zuele mir?
- also: Steierbezueler



Bravo, Här Leesch!

Fir 25 Jor Reklammen an eiser Sprooch; als Editeur vum eischten Astérix op Lëtzebuergesch a fir d'Heft iwwer eis Schreibweis, kritt den Här Paul Leesch den 10. November eis sélwer Plack „Dicks, Rodange, Lentz“ 1993.

Gebeemtes vum Krautmaart

Wa mir déi plazeweis aremséileg lëtzebuergesch Sprooch um Radio an op der Televisioun wöllen op d'Huwwelbank huelen, da mussé mir lauscheren oder ophuelen (wat och gemaach gët); over déi gebeemte Sproochzalot aus der Châmber, déi kréie mir all gratis an d'Haus geliwwert: liest emol wat e sélleche „Volksvertriebler“ do vun sech gin an als „Lëtzebuergesch“ wëlle verkafen... Gefierstend Däitsch an Heckefranséisch... Koséng Ficelle a Vizmates! Si schreiwen hier Rieden op franséisch oder däitsch... a wëllen dann aus dem Stand (oder musse wir „Stéigräif“ soen?) iwerseten. Als Resultat kommen dann déser Kamellen eraus:

déi bedauerlech Situations mat deer mir konfrontéiert sin – d'Verfassung de Gegebenheiten upassen – en Dilettantismus, den ze brandmarken as (richteg!) – déi Diskrepanz muss contrebalanceert gin – mir hun apparemment Moyenén – mir kommen zréck zum Thema an zur Reihenfolg vun den Orateuren – ét gouf bezweckt, d'Loyer an akzeptable Grenzen ze halen – den alarmante Wunnëngsnoutstand an de Mangel u Wunnëngén, déi den Usprech nüt gerecht gin, mussé behuewe gin – d'Abuën an d'Ausbeute vu bedürfte Mënschen müssen ageschränkt gin... duerch drastesch Strofen an Verhältnis zur Violation, fir am Virfeld vun däieraartige Machenschaften ze reageieren... dem as nüt esou . . . ét däarf een nüt dovir zréckschrecken, dat hält als allenfalls an d'Flicht...

Leider hu mir d'Plaz nüt, fir déi kierf- an teimerweis sproochlech Topereien an de „Stillchen“ ze setzen. Mä liest d'Châmberblüten... do kritt Dir genée de Middel, weí ét mecht, fir eis Sprooch lächerlech oder futti ze maachen. Eng Entschéllengong fir esouville schlechte Wéll gët ét nüt!

AL

Panewippchen!

Wésst Dir wat dat as? . . . oder kennt Dir némmeen eng „Bachstelze/bergeronnette“ . . . eisen Natur-Musée gët eng wunnerbar Zeitung eraus, déi „Panewippchen“ heescht, mat ganz vill Lëtzebuergesch dran . . . dat bréngt lech an de Kanner méi ewei émmer Video! An ét kascht och net weider . . . esougue näisch! Telephon 46 22 33-240.

Ëm Allerséilen

*Tas dréif an däischter, schuddregkal,
an d'Duerref läit am naassen Niewel . . .
haut gët ét nit vrum Mëttag Dag,
'gesäut ee knaps den Nopeschgiewel.*

*All Blat, all Blumm as dout an dir,
den Hierscht huet Bam a Stack geschuer . . .
kee Bommel, Päipel a keng Bei,
de Gaart huet all séng Gáscht verluer.*

*Eeen wielech Bliedchen hänkt um Bam,
deen haut elauter Drépsten dréit . . .
'tas luussegkal an dréit an naas,
den Niewel reest, den Drépsschlag schléit.*

Mä onversinns – huet d'Bliedchen sech gedréint – ma neen! Et as een Zoumbutz, deen lo kréint!
Et as nit vill, wat nach vum Summer blouf – an dach – eng Grimmel, déi nüt wielech gouf.

Tit Schroeder

* Dem Tit Schroeder séng Sprooch huet den Aschlag vun Useldeng. Hien as ganz sécher ee vun eisen allerbeschten Dichter: e Middel! Wien sái ganz Dichter-Werk wéilt kennéieren, dee kritt „de gaunze Wee“ fir 400 Frang heemgeschéckt (Tel. 47 06 12/Antwortapparat)

Komparativ a „participe présent“

– Dem Här Mergen vum Belair geet ét genee wéi áis: hie freeet sech, wat mir mat „gréisser, schéiner, bëlleger, schneller (!)“ an eiser Sprooch maachen . . . hei hu mir ganz klor eng franséisch Gewunnecht, an zwar „méi grouss, méi bëlleger asw.“

– Mat „lafenden“ Aarbechten, „drei-wender“ Kraaft oder „kommende“ Feierdeeg gët een eiser Sprooch e „Fouss hannebäi“.

Merci!

sioun an der Klack Nr. 5 mat op de Wee gin . . . ouer och alle Leit, déi soss „Rieden halen“; dosfir an déser „Klack“ e Stouss sproochlech Réff aus eisem „Héigen Haus“.

• D'Madame Hippert (Stad) fénnt, dat den „Oshank“ mutwilléies den „Hiwwel“ an de „Rampli“ verdréckt; den „Daachdecker“ de Leenédecker an eng „Daachränn“ de Kullang . . . a mir fannen, dat ee „sái“ Lëtzebuergesch misst kënnen (an dat bewiesen!), iert op e Radio an eiser Sprooch lasselooss gët; schéckt áis w.e.g. all Kniet a Knätselen eran, déi hieieri . . . mir huelen de „Laiskamp“.

• Vun der Madame Thésy Thielen (Stad) hu mir och en etlech „Lëtzebuergismen“ erakritt, déi an eis Lësch kommen.

• Der Madame Germain Zahnen (Izig), deer hirer „typesch eiser“ Wiirder a Sätz mir och an der „Klack“ Nr. 5 bréngt.

• Dem Här Emile Schintgen (-Schéffléng), deen áis fir Ich eng flott Lësch mat Planzen-nimm erageschéckt huet; hei erénnere mir un dat interessant Planze-Buch vun Henri Klees, an deem Dir all lëtzebuergesch Nimm vu Planze fannen, mat den Iwersetzungen op däitsch, franséisch asw. Mir kommen nach dodrop . . . ma wéi wir ét, wann eis Frénn (a Kollegen!) aus dem Schoulfach déi 20 bekannt Blummen-, Villerches-, Geméis- a Planzen-/Gekraidernimmt an hire Lëtzebuergesch-Stonne gifen „duerchaatschen“? Wie stellt áis déi Lësch op, fir dat mir se hei an „eisen“ drái Zeitunge kenne bréngen?

• Den Här Albert Michels (Miedernach) iergert sech (mat Recht) iwer dee koppegen „Heemwierker“ aus enger Radiosrekklam; dat kann een op eng aner Manéier besser maachen: Fir geschéckerlech Leit am an ém d'Haus hu mir jidfer Wuer an all Geschrif!

• D'Madame Mack (Heeschdréif), en Talent . . . schéckt áis eng ganz Schwadrull vun „typeschen“ Ausdréck eran, déi mir eise Leit vu Radio an Televi-

• Den Här Jos Fassian vu Maacher huet áis esou e Koup voll Intressantes geschéckt (abséns Hausnimm), dat eis Redaktioun sech perséinlech bei him melde muss!

• D'Madame Marie Hary-Faber vu Maacher huet áis Ausdréck gesicht, déi um Verblatte sin . . . wie weess der nach fir an eis Nr. 5?

• Zu Schweech fénnt d'Madame A. Hesse de „getässelte Bont“ nüt gutt; si as fir „gestackte Bont“ . . . op jidfer Fall aplaz vu „pièce-montée“.

LUNDI 8 ET MARDI 9 NOVEMBRE 1993 TEST VÉRITÉ

OPERATION "PORTES OUVERTES" AVEC LA PRÉSENCE DE 2 GRANDS CHAMPIONS

COMMENT RETRouver VOS CHEVEUX?

VU A LA TELE



DIDIER CAMBERABERO,
(photos de gauche)
international de Rugby et
buteur du quinze de France
ET
ANGELO PARISI,
(photos de droite)
champion du monde de Judo,
triple médaillé olympique,
12 fois champion d'Europe

SERONT PRESENTS AU CABINET NORGL DU GRAND DUCHÉ,

261, ROUTE D'ARLON A STRASSEN, LUNDI 8 ET MARDI 9 NOVEMBRE 1993.

Heures d'ouverture: Lundi 8 de 14.00 à 21.00 h et Mardi 9.00 de 10.00 à 17.00 h

En toute DISCRETION, autour d'un verre de l'amitié, Josiane FONTANA, capillologue au Grand-Duché, Michel MICHELOT, spécialiste français de réputation internationale, Angelo PARISI et Didier CAMBERABERO, sportifs de très haut niveau, répondront à toutes vos questions sur les différentes techniques qui permettent de retrouver facilement des cheveux.

A cette occasion, et pendant deux jours exceptionnels, UNE REMISE DE 10% SERA ACCORDÉE SUR TOUS LES TRAITEMENTS CONTRE LA CHUTE DES CHEVEUX ET SUR TOUTES LES TECHNIQUES DE CORRECTION DE LA CALVITÉ.

C'est l'occasion unique de vous INFORMER compétamment, OBJECTIVEMENT et sans engagement de ce qui se fait aujourd'hui en matière de lutte contre la calvitie.

Il vous est également possible d'obtenir un rendez-vous pour une consultation privée, en toute discrétion. Il vous suffit de nous téléphoner.

NORGIL 261, route d'Arlon
L-8011 STRASSEN ☎ 00352/31.61.01

Etablissement indépendant affilié au réseau de franchise Norgil

C.L. TOITURES

A votre service pour tous travaux, etc.: Charpente - Couverture - Ferblanterie

- Toitures neuves
- Rénovations
- Réparations
- Nettoyage de toitures
- Pose de fenêtres de toitures

9, rue de la Chapelle
L-8017 STRASSEN
Tél./Fax 31 68 52 (le matin)
en cas d'absence
Tél. (voix.) 021 140 697

Étude de Maître Jean-Luc GONNER

Avocat-avoué à DIEKIRCH

Nouvelle adresse à partir du 3 novembre 1993
38, rue Kockelberg
L-9252 DIEKIRCH

Numéros de téléphone et fax inchangés

Darf es ein bißchen mehr sein...?



La Fiduciaire Générale de Luxembourg, membre du groupe Deloitte Touche Tohmatsu International, est un des grands cabinets d'audit et d'expertise comptable de la place.

Nous recherchons pour nos propres services un

COMPTABLE (m/f)

pour entrée immédiate ou à convenir.

Profil idéal :

- études de niveau ECG ou équivalent;
- 1 à 2 ans d'expérience;
- une bonne connaissance tant écrite que parlée de l'allemand, de l'anglais, du français et du luxembourgeois;
- une grande motivation et de l'initiative;
- un sens de l'organisation et un esprit d'équipe.

Veuillez adresser votre curriculum vitae avec lettre manuscrite à Madame Diane Ries.

Fiduciaire Générale de Luxembourg
3, route d'Arlon L-8009 Strassen
Téléphone : (352) 45 14 51
Adresse postale: B.P. 1173 L-1011 Luxembourg



Deloitte Touche
Tohmatsu
International